

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Am Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz 2020 "portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19", dee bis zum 25. Juni 2020 a Krafft war, ginn am 5. Kapitel eng Rei vu Sanktiounen opgelëscht géint Personnes physiques a géint Betriber, déi géint d'Bestëmmunge vum RGD verstoussen. Sou heescht et am Artikel 6: "Lorsque les officiers de police judiciaire ou les agents de police judiciaire de la Police Grand-Ducale et de l'Administration des Douanes et Accises constatent que des personnes physiques ne respectent pas les interdictions prévues aux articles 1 à 4 du présent règlement grand-ducal, ils émettent un avertissement taxé de 145 euros, conformément aux dispositions du présent article." Am Artikel 7 heescht et: "Les infractions aux fermetures de commerce et à l'interdiction de l'accueil du public prévues aux articles 1 à 4 du présent règlement grand-ducal commises par les commerçants, artisans, gérants ou autres personnes responsables des activités y visées sont punies d'une amende administrative d'un montant maximum de 4.000 euros. En cas de nouvelle commission d'une infraction pendant l'état de crise, le montant maximum est porté au double."

D'Fro, déi sech hei stellt, ass déi heiten: Kann ee Règlement grand-ducal an engem Etat de crise eng nei Infraktioun schafen? Wéi e Gesetz ass dofir déi legal Basis?

Och d' Chambre des fonctionnaires publics huet an engem Avis zur Verfassungsreform ("Avis du 26 mars 2021 sur la proposition de révision des chapitres I<sup>er</sup>, III, V, VII, IX, X, XI et XII de la Constitution") drop higewisen, datt dee mentionéierte RGD effektiv eng Infraktioun kreeiert huet. Den Artikel 14 vun eiser Verfassung leet awer fest, datt keng Strof verhaang ka ginn ausser op Basis vun engem Gesetz: "nulle peine ne peut être établie ni appliquée qu'en vertu de la loi". Dëse Grondsaz ass och während engem Etat de crise applicabel. Artikel 32, Paragraph 4 vun der Verfassung bestëmmt nämlech, datt all Mesure, déi vum Grand-Duc oder vun der Regierung während engem Etat de crise geholl gëtt, zwar géint bestoend Gesetzer verstousse kann ("peuvent déroger à des lois existantes"), awer net géint d'Verfassung a géint international Vertrag ("être conformes à la Constitution et aux traités internationaux"): D'Fro stellt sech also, ob Amenden, déi an engem Etat de crise ageféiert ginn, der Definitioun an dem Sënn vun enger "peine" no der Verfassung kënnen entspriechen an ob dann hir Festleeung iwwert ee RGD an engem "Etat de crise" legal ka sinn?

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wéi eng Strofe kënnen, der Meenung vun der Regierung no, an engem Etat de crise iwwert de Wee vun engem RGD ageféiert ginn a wéi eng net?
- 2) Missten d'Leit an engem Etat de crise net een erhéichte Rechtsschutz viru méigleche Willkürakte vun der Regierung hunn, och am Hibleck op d'Festleeë vun neie Strofen iwwer ee RGD?
- 3) Wéi justifiéiert d'Regierung d'Festleeung vu Geldboussen duerch ee RGD während dem Etat de crise am Hibleck op eis Verfassung, a speziell am Hibleck op déi mentionéiert béid Article vun der Verfassung? Sinn déi ageféiert Geldboussen (amendes administratives) an engem Etat de crise als "peine" am Sënn vun der Verfassung ze consideréieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Députéierten



Roy Reding